# Europa brauch e STAARKT HÄERZ

9. JUNI

LSAP

## EN EUROPA MAT HÄERZ

**Europa ass e Friddensprojet vun de Mënsche fir d'Mënschen dee Fräiheet, oppe Grenzen a wirtschaftlech Prosperitéit um Kontinent garantéiert.**



Mir, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen, sti fir en Europa, dat gerecht an inklusiv ass, mir sti fir en Europa vun de Mënscherechter, en Europa, wou d'Sozial-, d'Wirtschafts- an d'Ëmweltpolitik zesumme geduecht, an net géinteneen ausgespillt ginn. Mir sti fir en Europa, wou eis Kanner a Sécherheet opwuesse kënnen. Mir sti fir en Europa vun der kultureller Villfalt, en Europa dat fir d'Generatiounen do ass, déi Jonk ënnerstëtzt a sech em déi eeler Matbierger:innen këmmert.

Et ass un eis d'Zukunft vun Europa ze gestalten. D'Zukunft vun Europa heescht de Fridde garantéieren, eng nohalteg Ëmweltpolitik maachen, d'Wirtschaftsunioun fair gestalten, an de Mënsch an de Mëttelpunkt stellen. ***Esou eng Zukunft gëtt et just mat eis. Mat eis, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen.***

## DE MËNSCH AM HÄERZ VUN ENGEM SOZIALEN EUROPA

**Eis Welt ass am Wandel. Dëse Wandel ass eng Chance fir nei Weeër ze goen an nei Méiglechkeeten ze schafen. Fir eis Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen ass et dowéinst wichteg, datt déi néideg Transitiounen an Transformatioune gerecht gehandhaabt ginn. Mir brauchen e soziaalt a solidarescht Europa, an duerfir fuerdere mir:**

- sécher Aarbechtsplazen, mat gudden Aarbechtskonditiounen,
- gereegelt a gerecht Salairen,
- e faire Mindestloun,
- e gerechte Steiersystem,
- eng geséchert Accessibilitéit fir d'Weiderbildung,
- d'Reguléierung vun der Plattform- an Interimsaarbecht,
- eng encadréiert a gereegelt Digitalisatioun vun der Aarbechtswelt,
- d'Méiglechkeet vum grenziwwergräifenden Teletravail.
- Datt eng Sozialversécherung fir all Mënsch muss garantéiert sinn,
- d'ëffentlech Rentesystemer an Europa ze verstäerken,
- de System vun de Sozialversécherungen ze stäerken an auszebauen.

## E GREEN DEAL MAT ENGEM ROUDEN HÄERZ

**D'Klimakris ass e Fakt. Mir mussen d'Äerderwäermung bremsen an d'Konsequenze vun de klimatesche Verännerunge miniméieren, well et steet vill um Spill. Et geet drëms fir eis Kanner a Kandskanner de Fridden an d'Sécherheet op dësem Planéit ze sécheren.** Duerfir brauche mir eng sozial-ekologesch Transitioun, also eng nohalteg Form vum Wirtschafte mat enger gerechter a solidarescher Opdeelung vun den néidegen Efforten. De Mënsch muss bei alle Changementer an Transitioune matgeholl ginn an am Mëttelpunkt stoen. Duerfir fuerdere mir:

- e sozialen Ausgläich fir déi Leit, déi sech de Präis vun de Transitiounen net leeschte kënnen
- en Engagement fir d'Äerderwäermung op 1,5 Grad am Joer 2100 ze limitéieren,
- d'Zäregase bis 2030 ëm 55% ze reduzéieren,
- d'Klimaneutralitéit bis 2050 ze erreechen,
- en effektiven Ëmwelt- a Naturschutz,
- d'Schütze vun der Biodiversitéit an der Aartevillfalt,
- den Ausbau vun den erneierbaren Energië,
- eng europäesch Agrarpolitik, déi d'Baueren aktiv ënnerstëtzt,
- d'Liewensmëttelsécherheet fir de Konsument ze garantéieren.

## ENG STAARK NOHALTEG EKONOMIE STÄERKT D'HÄERZ VUN EUROPA

**Europa huet de gréisste Bannemaart vun der Welt, mat enorme Virdeeler fir Entreprisen a Memberstaaten. Dëse Bannemaart muss weider ausgebaut ginn, well eng staark an nohalteg Wirtschaft d'Häerz vun engem staarken Europa ass.** D'Digitalisatioun an d'Klimatransitioun bidden duerfir grouss Chancen, ë.a. duerch nei qualitativ héichwäerteg Aarbechtsplazen oder eng nohalteg well méi circulair Wirtschaft. Fir d'Stellung vun der europäescher Wirtschaft an der Welt auszebauen an eng strategesch Autonomie vun der europäescher Wirtschaft ze garantéieren, setze mir op eng offensiv a nohalteg Industrie- a Wirtschaftspolitik. Duerfir fuerdere mir:

- eng kloer Strategie fir d'Dekarboniséierung,
- mëttel- a laangfristeg Strategië fir déi verschidden Transitiounen ëmzesetzen,
- Subside fir Investitiounen a Recherche am Kader vun den Transitiounen,
- datt d'Gewerkschaften an dës Strategië mat agebonn sinn,
- datt d'Liwwerkettegesetz, appliziéiert gëtt fir eng mënscherechts-, arbechtsrechts- an ëmweltkonform Produktiounsketten ze garantéieren,
- e rechtleche Kader fir eng progressiv a ressourcëschounend Kreeslafwirtschaft,
- e bessere Schutz vum Konsument duerch d'Stäerkung vum Digitial Service Act.

## EN EUROPA MAT HÄERZ DAT SCHÜTZT A GESTALT

**E staarke Service public, den universellen Zougang zu enger qualitativ héichwäerteger Gesondheetsversuergung an d'Recht op eng anstänneg Wunneng sinn elementar fir eng gerecht Gesellschaft.** Mir wëllen effikass ëffentlech Servicer an Administratiounen, déi sech ëm d'Leit këmmeren. Well ouni e staarken ëffentleche Service funktionéiert eis Gesellschaft net! Eng Gesellschaft, déi sech ëm all hir Bierger:innen këmmert – zemools ëm hir jonk an hir eeler Matbierger:innen. Duerfir fuerdere mir:

- datt d'„europäesch Kannergarantie" fir e bessere Schutz vun eise Kanner ëmgesat gëtt,
- e generaliséiert Walrecht ab 16 Joer ,
- d'Remuneratioun vu Stagen am ëffentlechen a private Secteur,
- datt déi gratis ëffentlech Schoul a professionell Ausbildung garantéiert sinn,
- datt d'politesch a sozial Rechter vu Leit mat enger Behënnerung respektéiert ginn,
- konsequent Investissementer an déi ëffentlech digital Infrastrukturen an an d'digital Bildung,
- datt den ëffentlechen Transport, e.a. d'europäescht Schinnennetz, konsequent ausgebaut a gestäerkt gëtt,
- verflichtend Ziler fir abordabele Wunnraum ze schafen.

## EN EUROPA DAT SENG WÄERTER AM HÄERZ DRÉIT

**Europa ass fir all seng Bierger:innen do. Mir, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen, wëllen en Europa, wou all Mënsch gutt zesumme liewe kann, ouni Diskriminatioun. En Europa mat Chancëgerechtegkeet an Zukunftsperspektive fir all Mënsch.** Europa muss divers, inklusiv, feministesch an oppe sinn. Nëmmen esou kënne mir eis Fräiheeten an eis Demokratie an Europa garantéieren. Duerfir fuerdere mir:

- d'Integratioun vu Persoune mat Behënnerung an eiser Gesellschaft an um Aarbechtsmarché ze fërderen,
- eng EU Antidiskriminéierungsdirektiv, déi d'Leit a ganz Europa schützt,
- d'LGBTIQ+ Rechter an der interner an externer Politikgestaltung vun der EU ëmmer ze berücksichtegen,
- datt nëmmen d'Frae selwer iwwer hire Kierper bestëmmen dierfen.
- d'Gewalt géint Fraen thematiséiert a bekämpft gëtt,
- bis 2030 all Differenzen an de Paien an de Pensiounen ofgeschaaft ginn,
- eng Garantie fir de Mediepluralismus an d'Pressefräiheet,
- datt Europa fair, respektvoll an uniform Asyl- an Immigratiounsprozeduren kritt, déi solidaresch tëscht de Länner applizéiert ginn.

## E STAARKT EUROPA, MAT HÄERZ A VERSTAND, AN DER WELT

**D'EU ass e Friddensprojet fir Fräiheet a Prosperitéit. Eng staark europäesch Stëmm an enger komplizéierter a vu Krise markéierter Welt ass batter néideg an nëmmen mat enger staarker EU méiglech. E selbstbewosst Europa ass noutwendeg an Zäiten, wou riets Tendenzen Europa a Fro stellen**. Mir musse méi onofhängeg ginn, handlungsfäeg, selbstbewosst a gëeent. Duerfir sti mir geschlossen hannert dem Projet vun der EU an den internationalen Institutiounen, a fuerderen:

- eng zolidd gemeinsam europäesch Sécherheets- a Verdeedegungspolitik, déi komplementar zur NATO ass,
- eng gemeinsam Verdeedegungsstrategie an -industrie,
- d'Unanimitéit an der EU fir déi meeschten aussepolitesche Froen ofzeschafen, fir datt Europa méi séier a méi effikass handele kann,
- d'Ukrain weider ze ënnerstëtzen,
- datt Europa eng Virreiderroll an der Krichs- a Konfliktpreventioun uechter d'Welt spillt,
- d'Festhalen un de 17 Sustainable Development Goals (SGG's) déi d'UN definéiert huet fir eng méi gerecht a nohalteg Welt ze schafen,
- strategesch Partnerschaften op Aenhéicht am Respekt vun eise Valeure vu Fräiheet, Demokratie, Rechtsstaat a Mënscherechter.

